# *Sech teste loossen, heescht all d'Chancen op senger Säit ze hunn*



**Ech hunn tëscht 45 a 74 Joer.**

**Ech huelen deel um MAMMOGRAPHIE-PROGRAMM**

**Weider Infoen fannt Dir op: sante.lu/mammo**

PROGRAMME MAMMOGRAPHIE

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

# PROGRAMM MAMMOGRAPHIE

## Gratis Broschtkriibs-Screening fir Fraen tëscht 45 a 74 Joer

## Firwat matmaachen?

De Programm Mammographie muss den nationalen an europäesche Qualitéitsnormen entspriechen, wat héich qualitativ Resultater garantéiert. Duerch eis duebel Lektür gi 25% méi Kriibsfäll festgestallt: d'Mammographie gëtt vun zwee Radiologen onofhängeg analyséiert *(am Fall vun Differenze gëtt den Dossier vun zwee Radiologen zesummen nei iwwerpréift).*

D'Kriibsfäll, déi am Kader vum Programm erkannt ginn, ginn an engem méi fréie Stadium festgestallt: d'Widderhuelung vum Depistage bedeit, dat de Kriibs méi fréi entdeckt gëtt, wat zu enger besserer Prognos féiert.

D'Käschte vun der Mammographie ginn zu 100% vun der CNS iwwerholl.

Am Fall vun enger sougenannten "anormaler" Mammographie, verfollegt de Programm Mammographie Ären Dossier.

## Wéi ginn ech getest?

- Ech huelen ee RDV fir eng Mammographie an engem vun de Röntgenzentere vu mengem Choix.
- Ech ginn der ATM de Bong fir d'Mammographie (fir d'Honorairen ze bezuelen).
- Falls ech al Biller oder eng CD hunn, huelen ech se mat a ginn se der ATM of.

## An no der Mammographie?

D'Resultat gëtt u mäin Dokter an u mech gescheckt.

Heiansdo sinn zousätzlech Ënnersichungen noutwendeg.

An 9 vun 10 Fäll handelt et sech ëm eng guttaarteg Anomalie an e Kriibs kann ausgeschloss ginn. Et ass awer ëmmer besser, sech ze vergewësseren.

Trotz allen erdenkleche Precautioune gi verschidde Kriibserkrankungen net beim Dépistage entdeckt a kënne sech no engem normale Mammographie-Resultat manifestéieren. Et ass duerfir wichteg, datt all Fra op klinesch Verännerungen oppasst, déi optriede kënnen, an hiren Dokter wann néideg consultéiert.

**Weider Infoen fannt Dir op:**
**sante.lu/mammo**